N° 3939
Entrée le 20.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.04.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Innenminister weiderzeleeden.
Am Kader vun rezenten Recherchen huet sech gewisen, dass Vermësstemeldungen oft no kuerzer Zäit am Sand verlafen. Aussoen no geschitt dat deelweis schonn no e puer Deeg, well déi bestoend Systemer et net erlaben, eng ëmfaassend an nohalteg Sich no de betraffene Persounen ze féieren. Dobäi ass ze betounen, dass Vermësstemeldungen net liichtfäerteg gemaach ginn an déi Persounen, déi esou eng Meldung maachen, sech oft grouss Suergen ëm hir Frënn oder Familljemembere maachen.

Zousätzlech feelen aktuell valabel an detailléiert Statistiken, besonnesch wat d'Resultater vun de Vermësstemeldungen ugeet, also ob betraffe Persounen erëmfonnt ginn, lieweg oder dout. Déi disponibel Donnéeë beschränken sech gréisstendeels op d'Entwécklung vun der Unzuel u Meldungen iwwer d'Joren, wou eng kloer Hausse festzestellen ass.

An deem Kontext géing ech dem Här Innenminister follgend Froe stellen:

- Wéi eng Systemer stinn der Police aktuell zur Verfügung, fir Vermësstemeldungen ze traitéieren, a ginn dës als adequat ugesinn?
- Wéi erkläert d'Regierung, dass Enquêten a verschiddene Fäll no kuerzer Zäit stagnéieren oder agestallt ginn?
- Sinn déi aktuell Ressourcë genuch, fir eng effikass Sich ze garantéieren?
- Firwat ginn et keng Statistiken, ob vermësst Persounen erëmfonnt goufen?
- Wéi eng konkret Mesurë plangt d'Regierung, fir d'Sich no vermësste Persounen ze verbesseren?
- Ass geplangt, eng spezialiséiert Divisioun fir Vermësstefäll opzebauen an/oder spezifesch Formatioune fir déi zoustänneg Beamten anzeféieren? Wéi gëtt d'international Zesummenaarbecht am Beräich vun Vermësstemeldungen aktuell organiséiert, besonnesch mat Nopeschlänner an europäeschen Instanzen, a gesäit d'Regierung hei Verbesserungsbedarf?

Mat déiwem Respekt

Dan Biancalana

Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu